



Rapport vun der *Assemblée générale extraordinaire*
den 10. Oktober 2018 am *Centre polyvalent* zu Hiefenech

1. Begréissung

De President huet d'Membere begréisst a wësse gelooss, datt vun deene "neie" Kierchefabrécke ca. 75 präsent waren, ca. 100 där "aler". (Prozentual waren nach ni souvill Kierchefabrécken op enger Generalversammlung.)

En ass duerno op d'Entrevue mam Bistum agaang an huet dës als kompletten Echec bezeechent. Mat der aktueller Bistumsspëtz wier keng Demokratiséierung vum Fong méiglech. Et kéime keng Leit an de Conseil d'administration vum Fong, deenen de Äerreschof net absolut vertraue kéint.

Wat d'juristesche Prozesser ugeet, sou lafen déi weider. Géint dat 1. Uerteel gëtt Appell gemaach.

Duerno ass de President eenzel op d'Prozesser agaang.

2. Juristesche Schrëtt

2.a Uerteel am éischte Prozess (Tribunal d'arrondissement de Luxembourg)

De President huet ënnerstrach, datt dëst Uerteel falsch wier. Et gouf de Kierchefabrécken hiert Propriétéitsrecht ofgesprach, mee wan si net Proprietär sinn, wien soll et soss sinn? Et kéimen héchstens d'Gemengen, de Staat oder de Bistum a Fro. Mee de Bistum gouf et nach guer net, wéi d'Dekret vun 1809 ugeholl gouf, grad esouwéineg wéi de Staat. D'Gemenge sinn effektiv deelweis Proprietäre vu Gebaier, mee an deem Fall just vun de Gebaier (net vun de Konten etc.).

Et muss awer ee Proprietär sinn, well eisen Droit näischt aneres erlaabt, an dat mussen dann d'Kierchefabrécke sinn.

Dem Michel Neyens no ass et e gelungent Uerteel. A.s.b.l.'e gi wéi Kierchefabrécke behandelt an direkt mat expropriéiert. D'Analys vun der Konventioun tëscht Bistum a Staat ass net kohärent. Si gëtt souwuel als just politesch (1), wéi als "accord cadre"(2), wéi och als "convention" (3) am Sënn vum Code civil gesinn. Allen dräi zesumme kënnen et awer net sinn. Scho virun der Franséischer Revolutioun haten d'Kierchefabrécken e juristesche Statut

zu Lëtzebuerg, an dat well de Konzil vun Trient als Gesetz unerkannt gouf (an de spueneschen Niederlanden). D'juristesche Personalitéit an domatt och e Patrimoine kruten d'Kierchefabrécken nom Konkordat offiziell unerkannt, well nom Konkordat goufe Restitutiounen u si gemaach (1803/04). Dat heescht an anere Wieder, et gëtt gutt Argumenter fir d'Rechtsperséinlechkeet scho virun 1809.

De Marc Linden huet zum Uerteel nach gemengt, datt wann d'Kierchefabrécken näischt gehat hätten, well jo kee Besëtz solle gehat hunn, de Fong jo elo och näischt kritt hätt, als hire Rechtsnoffolger.

Dofir muss Appell gemaach ginn, deen ugangs November agereecht gëtt.

2.b Zweete Prozess

Dëse Prozess leeft weider a senger Prozedur, quitt datt, wat net zu eisem Virdeel ass, de Riichter deen ass, deen d'Chamber vum Distriktsgeriicht am 1. Prozess presidéiert.

2.c Weider juristesche Suiten: Tribunal administratif

Et soll probéiert ginn e Recours virum Tribunal administratif ze man, notamment fir de Status vum Fong préiwen ze loossen ("établissement public" oder net, a wa jo, wat fir eng Inzidenz op de Règlement interne?).

3. Règlement interne vum Fong

3.a Avis vum Syfel

De SYFEL huet en Avis zu deem Règlement geschriwwen an hat doran 3 Kärfuerderunge gestallt:

- Demokratiséierung
- Dezentraliséierung
- Administrativ Vereinfachung.

Mat deenen 3 Punkten ass een an d'Versammlung mam Bistum gaang.

3.b Rapport a Schlussfolgerung zur Reunioun mam Verwaltungsrot vum Fong

Et gouf ca. eng $\frac{3}{4}$ Stonn iwwert d'Budgetsprozedur 2019 geschwat, d'Syfel-Vertrieder hunn di ganz Prozedur als ze komplizéiert empfongt, dem Verwaltungsrot vum Fong war dëst net wichteg.

Duerno gouf vun der Syfel-Säit aus konkret gefrot, ob 1 oder 2 Delegéierter vun der Basis (gewielt vun enger Zort Generalversammlung vum Fong, ernannt duerch de Bëschof) kéinten

an de Verwaltungsrot genannt ginn. Dorops huet de Generalvikar kloer gemengt, dat ging net goen, well de Bëschof op kee Fall dierft enner Drock gesat gi (scho guer net vun der Basis) an nëmme kéint mat Leit schaffen, deenen hien absolut vertraut. Fir de Marc Linden ass dat d'Beispill fir di absolut Paranoia vum Bistum wat de Fong ugeet.

D'Ursaach vum dem Mësstrauen ass natierlech d'Angscht fir d'Muecht missen ofzeginn.

Donieft huet de Generalvikar och kloer gemaach, dass eng Zesummenaarbecht mam SYFEL, wat de Règlement ugeet, net méiglech wäert sinn.

Konklusioun: De SYFEL war also just geruff gi, fir als Alibi hierzehalen. Seng Hëllef ass net gewollt, an d'Kiercheréit sinn nëmmen nach "die nützliche Idioten", déi absolut kee Recht hunn. Dofir huet d'Syfel-Delegatioun em Verwaltungsrot och matgedeelt, dass si nach just an eng Reunioun kënn, wann eng Zesummenaarbecht och explizit erwünscht ass. Alles anescht ass nämlech verlueren Zäit.

4. Wahlprogrammer

De Marc Linden ass duerno am Detail op di eenzel Wahlprogrammer agaang. Heen huet d'Parteien an e puer Gruppen agedeelt. Et ginn der (KPL – Lénk – Piraten – Gréng) déi net (méi) vun "Trennung vun Kierch a Staat" schwätzen.

Et ginn der dann, déi sech mat deem Erreechte wëlle bretzen an näischt wëlle réckgängeg man (cf. Bettel) oder souguer nach méi wäit wëlle goen (DP-LSAP, déi carrément en "Observatoire de la laïcité" freet, deen d'Relioungsgemeinschaften berode soll (!)).

Finalemment ginn et dann nach Partien, déi méi oder manner um neie System wëllen änneren (ADR méi – CSV manner).

5. Divers

De President ass nach emol op de Fong agaang, et wier eng Diktatur mat Waasserkapp.

Duerno goufe Froe vun de Memberen gestallt. Et giong dobäi ë.a. em de Kadaster an d'Reaktioun vun den Notairen (Et sollt e Bréif un all Notaire gemaach gi, fir si op d'Onsécherheet vun der Situatioun opmierksam ze man.). Et gouf och d'Fro nom Nuntius gestallt, de fréieren Nuntius huet alles zur Kenntnis geholl, an och mam Äerzbëschof iwwert den Dossier geschwat, deen neien huet keng weider Reaktioun gewisen.

D'Generalversammlung gouf géint 9 Auer owes kloturéiert, nodeems se um 10 op 7 ugefaange hat.

PR